# ChaosMeeting 2020/01

| | |
|---|---|
| **Date** | 06/01/2020 |
| **Time** | 20:00 |
| **Location** | ChaosStuff |
| **Location Opening** | ~17:00 |
| **Administrative Council Attendees:** | metalgamer, virii, deflenken |
| **Minutes Recording** | deflenken |

## Agenda

- New Years Speech – metalgamer
- ChaosStuff Log – metalgamer
- AG2020 – deflenken
- Tshirts – deflenken
- Finance Rule – metalgamer
- MiniMakerFaire – deflenken
- InternetDays LU-CIX – metalgamer
- Freifunk – fantawams, orimpe
- Gedrénks – deflenken

## Minutes

### New Years Speech

Den metalgamer huet eng kleng Ried gehalen. Am neie Joer wëlle mer weider sou aktiv si wéi 2019. Dofir wäerte mer eis ënner anerem mat den Datebanke vum Staat beschäftegen, ee Site opbaue wéinst der Virratsdatespeicherung an't d'Social Events weider pushen.

### ChaosStuff Log

All véierte Meeting soll jiddweree kuerz erläuteren un wat fir Projeten ee grad schafft oder wat hien am Space gemeet huet. Doduerch sollen d'Membere besser bescheet wësse wien un wat schafft a wou een sech kann aktiv abréngen.

### AG2020

Mir mussen eis AG plangen! D'Email mam "Doodle" ass eraus.

### Tshirts

Op engem vun den nächste Meetingen oder Meetupe kucke mer eis genau un bei wien mer ginn, wat

dat kascht, a wei vill T-Shirten an Hoodië mer wëlle bestellen. Wann mer den Händler fir eis Kleeder gewiesselt hunn da kritt een op Shirtcity nëmmen nach Tasen asw. keng Kleeder méi.

## Finance Rule

Opgrond vun der héischt vun eise lafende Käschten (Internet, Telefon + Freifunkserver) déi sech op ronn 120 Euro belafen huet den metalgamer d'Idee gehat de Veräi soll ëmmer mindestens X Euro um Compte hunn. Op der enger Seid sollen esou Membere méi schnell kenne rembourséiert ginn an op der anerer Seid eis lafend Käschte gedeckt sinn. Mir hunn festgehalen dass ëmmer musse 500 Euro um Compte sinn. Doduerch kann et awer natierlech sinn dass Saache méi spéit kaf ginn oder de Veräi bei Projete manner beile kann.

## MiniMakerFaire

Dëst Joer ass erëm d'MiniMakerFaire vum 16-17 Mäi. Mir hunn decidéiert do matzemaachen. Mir wëllen deskeier ee méi interaktive Stand hunn.

Dofir gouf folgendes festgehalen: manner Saache matzehuelen 3DPrinter muss mat Lockpicking Set Léidkits ginn Kuckt ierch och den RT Ticket dozou un.

## InternetDays LU-CIX

Dest Joer ginn erëm d'Internetdays organiséiert dee 17ten an 18ten November. Mir goufe gefrot op mer do wéilte matmaan. Mir hunn nogefrot wei mir eis kéinten do abréngen. Mir waarden nach op eng Äntwert.

## Freifunk

Et ass erëm Freifunkmeetup. Sie sichen ëmmer erëm nei Leit déi sech wëllen aktiv abréngen!

## Gedrénks

Club Mate Cola Cajeaue ginn der epuerbestallt mee mir waarden awer nach bis mer d'Assurance bezuelt hunn.

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
**https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=lb:organization:chaosmeetings:2020:cm-2020-01&rev=1578349903**

Last update: **2020/01/06 23:31**